N°216
Entrée le 26.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 216 vum 22. Januar 2024 vum Här Deputéierte Jeff Engelen.**

*Fro 1: Wéi vill Etüdebüroe goufen an de leschten dräi Joren – an opgeschlësselt no de Joren 2021, 2022, 2023 – vum Ministère fir ëffentlech Aarbechte beoptraagt, fir am Kader vun ëffentleche Bau- an Infrastrukturprojeten déi betreffend Analysen a Studien duerchzeféieren?*

*Fro 2: Wéi héich waren am Kader vun ëffentleche Bau- an Infrastrukturaarbechten – opgeschlësselt no de Joren 2021, 2022, 2023 – insgesamt d'Käschten, déi un extern Etüdebüroen ausbezuelt goufen?*

De follgenden Tablo liwwert d'Iwwersiicht iwwert d'Unzuel un Etüdebüroen, déi tëscht 2021 an 2023 vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten mat Etüden an Analyse beoptraagt goufen. Am Tablo ass och déi insgesamt ausbezuelten Zomm, opgeschlësselt pro Joer, déi un déi extern Etüdebüroen ausbezuelt gouf, hannerluecht. Dës Ausgabe bezéien sech op déi ëffentlech Projete vun der Stroossebauverwaltung (PCH) an der Verwaltung fir ëffentlech Bauten (ABP).

Verschidden Etüdebüroe sinn deelweis méi wéi eng Kéier engagéiert ginn, well et sech entweder ëm verschidden Opträg oder verschidde Projete gehandelt huet. Deemno ass d'Unzuel vun den Etüde pro Joer méi héich wéi d'Unzuel un Etüdebüroen.

| | 2021 | 2022 | 2023 |
|---|---|---|---|
| Unzuel vun Etüden [PCH/ABP] | 429/477 | 450/604 | 393/457 |
| Unzuel vu bedeelegten Etüdebüroen [PCH/ABP] | 82/364 | 85/388 | 87/374 |
| Insgesamt ausbezuelten Zomm [PCH/ABP] | 25 424 064,19 €<br>46 952 291,01 € | 26 348 532,53 €<br>50 755 296,03 € | 27 353 906,73 €<br>59 680 108,29 € |

*Fro 3: No wéi enge Krittäre gëtt am Ministère fir ëffentlech Aarbechten decidéiert, ob ee fir dee jeeweilege Bau- oder Infrastrukturprojet en externen Etüdebüro beoptraagt, oder déi betreffend Analysen a Studien intern duerchféiere léisst?*

Well all Projet ganz individuell ass, an den eventuelle Besoin un engem Etüdebüro sech eréischt no an no erauskristalliséiert, sinn d'Krittäre vu Projet zu Projet ënnerschiddlech. Eng grouss Roll spillt do awer virun allem den Ëmfang an d'Zort vum Projet, awer och d'Erfarung an d'fachlech Ofdeckung duerch d'Büroen.

Wann de Bau- oder den Infrastrukturprojet et vun der Envergure a Komplexitéit zouléisst, wéi et oft bei Projete vun der Stroossebauverwaltung (zum Beispill dem Amenagement oder Reamenagement vu Stroossen, dem Bau vu Rondelen, Vélospisten oder Kräizungen, asw.) de Fall ass, versicht d'Verwaltung d'Etüden intern auszeféieren, also ouni Etüdebüro.

Wann d'Envergure vun de Projeten, an déi doduerch och méi grouss technesch Erausfuerderung, wéi zum Beispill de Bau vu Brécken, awer ze grouss gëtt, respektiv wa speziell Etüde gemaach musse ginn ewéi d'Statik vu Brécken, Ëmweltanalysen, geotechnesch Etüden asw., gëtt op spezialiséiert Etüdebüroen zeréck gegraff. Do kommen dann nach gesetzlech Oplagen dobäi, wou just agreéiert Büroen dierfe verschidden Etüde maache fir iwwerhaapt déi néideg Autorisatioune kënnen ze kréien.

Ganz allgemeng ass och ze soen, datt mat der Zäit ëmmer méi Fachberäicher opkomm sinn déi ee gewëssent Fachwësse viraussetzen, wéi zum Beispill bei archeologeschen Ausgruewungen,

Deminageaarbechten, Sécherheet um Chantier, architektonesche Leeschtungen, Direktioun vun den Aarbechten, asw., wou net all spezifesche Beräich vun de Verwaltunge kann ofgedeckt ginn.

Och wann extern Büroen de Verwaltunge bei diversen Etüden zouschaffen, bleiwen d'Verwaltungen ëmmer zoustänneg fir d'Gestioun an de Suivi vun allen Etüde bei engem Projet. Sou ginn dës Etüden och ëmmer intern am Detail kontrolléiert a gegeebenenfalls nach Adaptatioune virgeholl. Och suergen d'Verwaltungen dofir, datt all déi noutwenneg Prozedure fir de Projet korrekt auszeféieren agehale ginn. Dorënner falen zum Beispill d'Ofstëmmung mat allen Acteuren, d'Anhuele vun den Autorisatiounen, den Opkaf vun den néidegen Terrainen zesumme mat den anere staatlechen Acteuren oder och d'Gestioun vum Budget. Wat awer d'Komplexitéit an d'Ausmooss vun de Projete méi zouhëlt, wat och den zäitlechen Opwand béi de Verwaltunge méi grouss gëtt fir dës Etüden ze encadréieren an ze koordinéieren.

Lëtzebuerg, den 26. Februar 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes